CSV FRAKTIOUN

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
24 DEC. 2018
135

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 20. Dezember 2018

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit biede mir Iech dës parlamentaresch Fro iwwert Problematik vun den $NO_2$ Wäerter a verschiddene Gemengen un d'Madamm Ëmweltministerin an un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weider ze leeden.

An engem Courrier deen d'Madamm Ëmweltminister den 10. Oktober 2018 u verschidde Gemengen am Grand-Duché gericht huet, fuerdert Madamm Minister dës Gemengen op, verschidde Moossnamen ze ergräife wat déi héich $NO_2$ Wäerter an der jeeweileger Gemeng ugeet: *« Je vous invite à mettre en oeuvre, le cas échéant avec les autorités étatiques, des mesures locales dans votre commune afin de réduire l'impact du trafic routier en général et celui des voitures Diesel en particulier».*

An der Gemeng Hesper ass den zoulässegen $NO_2$ Wäert op verschiddene Stroossen iwwert dat ganzt Joer 2018 bedeitend iwwerschratt ginn.

Wëssend, dass de Verkéier deen iwwert Nationalstroossen an „chemin repris" féiert ënnert der Verantwortung vum Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten ass, wéilte mir gär folgend Froen un den zoustännege Minister riichten.

- Wat wëllt den Här Minister ënnerhuele fir den Trafic duerch dës Stroossen ze limitéieren?

- Well den Här Minister eventuell op de Wee goe fir Gefierer mat Dieselmotor ze limitéiere souwéi Madamm Ëmweltminister dat an hirem Courrier vum 10. Oktober schreift? Wei kéint sou eng Limitatioun ausgesinn?

Zanter Jore gëtt vun enger Ëmgehungsstrooss ronderëm Alzeng/Hesper geschwat. Iwwert déi lescht Jore goufen eng sëlleche Studien an dës Richtung gemaach wat den optimaalsten Tracé fir dës Strooss kéint sinn. Den 20. Mäerz 2017 war eng diesbezüglech Presentatioun zu Réiser mat de Gemengeréit vu Réiser a vun Hesper. Deene béide Gemenge gouf confirméiert datt d'Consultation publique vun dëser Ëmgehungsstrooss Enn 2017 sollt sinn.

21 Méint méi spéit gouf nach ëmmer keng "Consultation publique" ofgehal.

An dësem Kontext wéilte mir der Madamm Ëmweltminister gär folgend Froe stellen:

- Ginn et spezifesch Grënn firwat bal 2 Joer no dëser Presentatioun, d'Prozedur nach ëmmer net ugefaangen huet?

- Kann d'Mme Minister eis soe wéini datt dës "Consultation publique" ofgehale gëtt?

- Ass d'Mme Minister der Meenung datt betreffend den extrem schlechten $NO_2$ Wäerter an der Gemeng Hesper net schnellstméiglech eppes muss geschéie wat d'Verkéiersbelaaschtung ugeet?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

**Marc Lies** **Diane Adehm**

**Deputéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 29 JAN. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
29 JAN. 2019

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

**Objet :** Question parlementaire 135

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire 135 des honorables députés Madame Diane Adehm et Monsieur Marc Lies tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

130 000008-20040525-FR

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

**Réponse commune de la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et du Ministre de la Mobilité et des Travaux publics à la question parlementaire n°135 du 20 décembre 2018 des honorables députés Madame Diane Adehm et Monsieur Marc Lies**

***1) Wat wëllt den Här Minister ënnerhuele fir den Trafic duerch dës Stroossen ze limitéieren?***

Am Joer 2017 gouf en nationalen Loftqualitéitsprogramm ugeholl an deem all déi national Mesuren beschriwwen sinn:

https://environnement.public.lu/fr/loft/air/plans-air/PNQA.html

Als Reaktioun op déi haiteg an och déi zukünfteg Nofro un Mobilitéit am Südweste vu Lëtzebuerg, ginn am Moment d'Infrastrukture fir d'Mobilitéit konsequent a kontinuéierlech entwéckelt. Sou ass an dësem Zesummenhang den Ausbau vun den Infrastrukture fir den ëffentlechen Transport ze gesinn (Zuch, Tram, Bus a Multimodal-Plattformen), fir doduerch eng Reduktioun vum motoriséierten Individual-Verkéier kënnen ze erreechen a genau doduerch d'Stroossen an dësem Raum kënnen ze entlaaschten. De Contournement vun Alzeng an Hesper ass an dësem Sënn och en weidert Element fir de Verkéier an den Uerts-Duerchfaarte vun Alzeng an Hesper ze reduzéieren.

***2) Well den Här Minister eventuell op de Wee goe fir Gefierer mat Dieselmotor ze limitéiere souwéi Madamm Ëmweltminister dat an hirem Courrier vum 10. Oktober schreift ? Wéi kéint esou eng Limitatioun ausgesinn?***

Am genannten Courrier vum 10. Oktober 2018 gouf d'Gemeng invitéiert, fir lokal Mesuren ze ergreifen, fir den Impakt vum Individualverkéier an insbesonnesch vun den Dieselautoen op d'Loftqualitéit ze reduzéieren. Dës Mesure sinn als komplementar ze gesinn zu den nationale Mesuren. De Courrier huet och Hëllefstellung vun der Regierung an Aussicht gestallt, dëst nodeems d'Gemengen sech hir eegen Iwwerleeungen zur Problematik gemaach hunn.

Momentan gëtt awer nach net un eng Limitatioun vum Dieselmotor geduecht, dat well een aner Moossname kann treffe fir $NO_2$-Emissiounen an de Grëff ze kréien.

***3) Ginn et spezifesch Grënn firwat bal 2 Joer no dëser Presentatioun, d'Prozedur nach ëmmer net ugefaangen huet?***

Den Dossier fir an d'"Consultation publique" vum Contournement Alzeng konnt Enn 2017 de kompetenten Autoritéite virgeluecht ginn. An den Äntwerte vun de jeeweilegen Autoritéite vum leschte Joer goufen zousätzlech Präzisiounen zu verschiddene Komponente gefrot, déi am Moment nach ausgeschafft ginn.

***4) Kann d'Mme Minister eis soen wéini datt dës „Consultation publique" ofgehale gëtt?***

Wann déi gefroten Elementer virleien, kann de vervollstännegten Dossier deene kompetenten Autoritéite virgeluecht ginn. Eréischt dono kann déi ëffentlech Unhéierung lancéiert ginn.

***5) Ass d'Mme Minister der Meenung datt betreffend den extrem schlechten NO2 Wäerter an der Gemeng Hesper net schnellstméiglech eppes muss geschéie wat d'Verkéiersbelaaschtung ugeet?***

D'Emweltministesch deelt Meenung vun der Gemeng, datt zu Hesper eppes muss geschéie fir d'Verkéiersbelaaschtung ze reduzéieren. Dofir gouf och schon virum Oflschloss vun der landeswäiten NO2 Miesskampagne am Joer 2018, organiséiert vun der Emweltverwaltung an Zesummenaarbecht mat de Gemengen am Kader vum Klimapakt en éischten Tëschebilan gezunn. Et goufen déi Plazen identifizéiert, déi riskéieren, den europäeschen Grenzwäert (Joresmëttelwäert) ze iwwerschreiden. Et goufen all bedeelegt Gemengen während engem Workshop am September 2018 informéiert iwwert d'Belaaschtungssituatioun an potentiell Moosnamen, déi och um lokale Plang kennen geholl ginn. Insbesonnesch gouf vum Infrastruktur- an Nohaltegkeetsminister déi nei Strategie fir eng nohalteg Mobilitéit presentéiert (MODU 2.0). Dës enthält ënner anerem eng Geschirkëscht vun der Mobilitéit mat engen fofzeg konkrete Mesuren, déi déi véier Acteure vun der Mobilitéit – de Staat, d'Gemengen, d'Employeuren an d'Bierger – kënnen ëmsetzen, fir d'Mobilitéit ze verbesseren.

Konkret Moossname sinn d'Förderung vum ëffentlechen Transport (Busspuren op den Haaptachsen an Ëmsteigeplattformen), een alternative motoriséierten Individual-Verkéier, d'Verbesserung vum Verkéiersfloss an d'Bebauung op de staark belaaschte Verkéiersachsen (Frëschloft-Schnéissen).

Schlussendlech goufen mat deem genannten Courrier vum 10. Oktober deene méi betraffen Gemengen ugebueden, fir zesummen mat den staatlechen Acteuren no Léisungen ze sichen an et gouf hinnen Hëllefstellung an Aussicht gestallt, bei der Ëmsetzung vun den zousätzlechen lokalen Mesuren.